PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
22 JAN. 2020
1756

Lëtzebuerg, den 22/01/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

An Israel gëtt dës Woch, a Präsenz vun iwwer 40 Staats- a Regierungscheffen, de 75. Anniversaire vun der Befreiung vum Konzentratiounslager Auschwitz zelebréiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Schoulklassen hunn an de leschte 5 Joer, opgelëscht pro Joer a pro Filière, un enger Visitt vun engem Konzentratiounslager deelgeholl?

2. Wéi gedenkt de Minister ze garantéieren datt dës kollektiv Memoire och an Zukunft nach erhale bleift, wëssend, datt Zäitzeien ëmmer méi rar ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 1756 vum honorabelen Här Deputéierte Sven Clement**

Och wann den Holocaust ëmmer méi wäit an d'Vergaangenheet réckelt, dierf nimools vergiess ginn. A grad do spillt d'Schoul eng extreem wichteg Roll. De Stellewäert vun dësem fierchterlechen Episod aus der Geschicht kann net iwwerschat ginn. Net nëmme wann et drëms geet, den Affer ze gedenken, ass den Enseignement gefuerdert, mee och fir déi Jonk derzou ze kréien, datt se verstinn, wéi et zum Holocaust konnt kommen. Well nëmmen esou kënnen se d'Geforen, déi an eiser haiteger Zäit vu Rassismus, Xenophobie a Stereotypiséierung ausginn, erkennen.

**Ad 1)**

Aus den ëffentleche Grondschoulen hunn nëmme ganz vereenzelt Schoulklasse vum Cycle 4 un enger Visitt vun engem Konzentratiounslager deelgeholl. An de leschte 5 Joer war eng Klass an d'KZ Hinzert a sechs Klassen hunn d'KZ Natzweiler-Struthof besicht. Natierlech goufen dës Visitten an de Klassen am Kader vum Geschichtsunterrecht virbereet an och no der Visitt goufen Andréck wärend pedagogeschen Aktivitéiten opgeschafft. Am Allgemenge muss awer gesot sinn, datt Visitten a Konzentratiounslager a virun allem a Vernichtungslager fir de Cycle 4 net altersgerecht sinn: Hei muss de Sujet deemno anescht abordéiert ginn.

Fir de Secondaire konnt folgenden Tableau zesummegestallt ginn:

**Schouljoer 2014-2015**

| Lycée | Klass | Konzentratiounslager |
|---|---|---|
| AL | 2C2 | Auschwitz |
| ALR | 2B, 2D et 2G (tous les élèves) | Sachsenhausen |
| ENAD<br>ENAD | 9e de base (3 classes)<br>9e avancée (2 classes) | Hinzert<br>Theresienstadt |
| LAML | 2e (12 élèves) | Auschwitz |
| LCD<br>LCD | 3A01<br>élèves intéressés des classes de 2e | Buchenwald<br>Auschwitz |
| LCE | 2e | Auschwitz |
| LGE | 5e | Natzweiler |
| LGK | 9TE1, 9TE2, 9TE3, 9TE4, 9STC | Natzweiler |
| LGL | 2e (10 élèves) | Auschwitz |
| LHCE | 3e | Auschwitz |
| LJBM | 12 élèves de classes supérieures | Auschwitz |
| LN | BTS | Bergen-Belsen |
| LNB | 2e et 12e, 6e | Auschwitz, Dachau |
| LTA | T1AG, T1HR et T1EN | Sachsenhausen |
| LTB | 1GCG1 et T3CM | Dachau |
| LTC<br>LTC | 10TGF2 et 9TEA1<br>9TEA2 | Sachsenhausen<br>Natzweiler |
| LTMA | 11e, 4e et 2e | Dachau, Auschwitz |
| LTPS | divers élèves | Auschwitz |
| LTPES<br>LTPES | 1GED<br>1GED | Natzweiler<br>Sachsenhausen |
| NOSL | 4C | Hinzert |

**Schouljoer 2015-2016**

| Lycée | Klass | Konzentratiounslager |
|---|---|---|
| AL | 2G | Auschwitz |
| ALR<br>ALR<br>ALR | 2C, 2G et 2TP<br>2B, 2D, 2G<br>5G | Auschwitz<br>Sachsenhausen<br>Dachau |
| LAM | 12GE3, 11TG3 | Auschwitz |
| LAML | 2e (30 élèves) | Natzweiler |
| LCD<br>LCD | 2B02<br>3C04, 3e Options, 2A01, 2EF08 | Dachau<br>Sachsenhausen |
| LCE<br>LCE | 4M3<br>3G | Dachau<br>Theresienstadt |
| LEM | élèves de 2eC | Auschwitz |
| LGE | 2e | Auschwitz |
| LGK | 9TE1, 9TE3, 9TE4, 9TEA2, 9PO2, T0ET | Natzweiler |
| LGL | 2e (10 élèves) | Auschwitz |
| LHCE | 3e | Natzweiler |
| LJBM | T3GC et 1C | Auschwitz |
| LLJ | 4GCM | Auschwitz |
| LN<br>LN | 2es et 12es<br>3BC | Auschwitz<br>Dachau |
| LNB | 2e; 3e et 2e | Sachsenhausen, Ravensbrück; Auschwitz |
| LRSL | élèves de 2e | Auschwitz |
| LTA | T1AG, T1HR et T1EN | Sachsenhausen |
| LTB | 1GCG1 et T3CM | Dachau |
| LTC | 9TEA1, 9TEA2 et 4BI | Sachsenhausen |
| LTETT | 10 élèves de diverses classes | Auschwitz |
| LTMA | 11e et 4e | Dachau, Auschwitz |
| LTPS<br>LTPS | X0AS21 et XOAS22<br>divers élèves | Natzweiler<br>Auschwitz |
| LTPES | 2GED (2 classes) | Natzweiler |

**Schouljoer 2016-2017**

| Lycée | Klass | Konzentratiounslager |
|---|---|---|
| AL<br>AL | 19 élèves de 2e<br>2D | Auschwitz<br>Auschwitz |
| ALR<br>ALR | 2C, 2G et 2TP<br>2B, 2D, 2G | Auschwitz<br>Sachsenhausen |
| ECG | 2e | Natzweiler |
| ENAD<br>ENAD<br>ENAD | 9e de base (3 cl.) et 9e avancée (2 cl.)<br>2CG<br>1CG | Natzweiler<br>Hinzert<br>Sachsenhausen |
| LAML | 2e (12 élèves) | Auschwitz |
| LCD<br>LCD<br>LCD | élèves intéressés des classes de 4e et 2e<br>2G08<br>élèves intéressés des classes de 2e | Mauthausen<br>Dachau<br>Auschwitz |

| | | |
|---|---|---|
| LCE | 2e | Auschwitz |
| LEM | élèves de 2C | Sachsenhausen |
| LGE | 2e | Natzweiler |
| LGK | 9TE1, 9TE2, 9TE4, 9STC, 5M, 11SN, 12GE | Natzweiler |
| LGL | 2e (10 élèves) | Auschwitz |
| LJBM | 13GE | Natzweiler |
| LML<br>LML | 8TE1 et 9TE4<br>1GCG1, 1GCG2, 1GSN1, 1GSN2 | Natzweiler<br>Auschwitz |
| LNB | 3e et 2e (groupe mixte), 2GIG, 2CD, 2CG | Auschwitz; Dachau, Buchenwald |
| LRSL | 3BC | Natzweiler |
| LTA | T1AG, T1HR, T1EN et 11SNS | Sachsenhausen |
| LTB | 1GCG1 et T3CM | Dachau |
| LTC | 4BI, 9TEA1 et 9TEA2 | Sachsenhausen |
| LTETT | 7 élèves de diverses classes | Auschwitz |
| LTMA | 11e, 4e et 2e | Dachau, Auschwitz |
| MLG | 2GSO | Sachsenhausen-Oranienburg |
| LTPS | divers élèves | Auschwitz |
| LTPES | 2GED | Natzweiler |
| SLL | 2e | Auschwitz |

**Schouljoer 2017-2018**

| **Lycée** | **Klass** | **Konzentratiounslager** |
|---|---|---|
| ALR | 2B, 2D, 2G | Sachsenhausen |
| ENAD<br>ENAD<br>ENAD | 9e de base (3 classes)<br>2CG<br>2CG | Natzweiler<br>Auschwitz<br>Hinzert |
| LAML | 2e (30 élèves) | Natzweiler |
| LCD | 2B02 | Sachsenhausen |
| LCE | 2e | Auschwitz |
| LCE | 2C | Dachau |
| LEM | élèves de 2C | Auschwitz, Hinzert |
| LGK | 5C, 3CI, 3CLI, 9TE3, 9TE4, 9TE5, 9TEA, 9PO3 | Natzweiler |
| LGL | 3D | Auschwitz, Natzweiler |
| LHCE<br>LHCE | élèves de 3e et de 2e<br>2B2 et 2G | Auschwitz<br>Natzweiler |
| LJBM | 1GGE<br>T2GC et 2C | Natzweiler<br>Auschwitz |
| LML | 1GSN2, 1GGE1 | Natzweiler |
| LN<br>LN | 2es et 12es<br>8MO1/2/3 | Auschwitz<br>Hinzert |
| LNB | 2e | Auschwitz |
| LRSL | élèves de 2e | Auschwitz |
| LTA | T1AG, T1AGR, T1HR, T1HRR, T1EN et T1ENR | Sachsenhausen |
| LTB | T3CM | Dachau |
| LTC<br>LTC | T2MA1<br>C1CS1 | Dachau<br>Hinzert |

| | | |
|---|---|---|
| LTC<br>LTC | 9TEA1, 4GPS, T2CM et 4IFFR<br>5IFA | Sachsenhausen<br>Neuengamme |
| LTETT | 7 élèves de diverses classes | Auschwitz |
| MLG | 2GSO | Sachsenhausen |
| SLP<br>SLP | 8A-D<br>11G | Hinzert<br>Auschwitz |

**Schouljoer 2018-2019**

| Lycée | Klass | Konzentratiounslager |
|---|---|---|
| AL<br>AL<br>AL | 10 élèves de 2e<br>2C1<br>3E, 3F | Auschwitz<br>Auschwitz<br>Hinzert |
| ALR<br>ALR<br>ALR | 2C, 2G et 2TP<br>2D, 2G<br>5G | Auschwitz<br>Sachsenhausen<br>Dachau |
| ECG | 2e et 3e | Mémorial de la Shoah Paris |
| ENAD | 9e de base (2 classes) | Hinzert |
| LAML | 2e (13 élèves)<br>2e (30 élèves) | Auschwitz<br>Natzweiler |
| LCD | élèves intéressés des classes de 2e | Auschwitz |
| LCE | 2A | Buchenwald |
| LEM | élèves de 2C | Auschwitz |
| LGE | 3e et 2e | Hinzert, Ravensbruck |
| LGK | 5G1, 5G2, 5G3, 5G5, 5G6, 5TEA, 3CI, 3CLI | Natzweiler |
| LGL | 2e (50 élèves) | Auschwitz |
| LJBM | 12 élèves de classes supérieures | Auschwitz |
| LLJ | 3GCM, 3GPS | Dachau |
| LML<br>LML | 1GCG1, 1GCG2, 1GSN2<br>5G3, 4GCM1 | Natzweiler<br>Natzweiler |
| LN | 7G2, 4GSO, 4GPS | Natzweiler |
| LNB | 2e | Auschwitz |
| LTA<br>LTA | 3TPAG et 3TPAGR<br>DP1HP1, DP1HP2 et DP1HM | Sachsenhausen<br>Hadamar |
| LTB | 1TPCM, 1GCG, 1GSO | Dachau, Auschwitz |
| LTMA | 2e | Auschwitz |
| LTC<br>LTC<br>LTC | CC3CO, CC3CV, DC3CS1F2, DC3CO1, DCOCOF2<br>9TEA1, 4GPS et 4IFFR<br>5IFA | Hinzert<br>Sachsenhausen<br>Neuengamme |
| LMRL | 2es et 1res | Auschwitz |
| LTPS | divers élèves | Auschwitz |
| LTL | 5G01 | Natzweiler |
| MLG | 1GSO, 2GSO, 1TPCM | Auschwitz |
| NOSL | 5G | Natzweiler |
| SLP<br>SLP | 8A-E<br>divers élèves | Hinzert<br>Auschwitz |

**Ad 2)**

Datt den Holocaust an domat verbonne Sujeten net vergiess ginn, ass besonnesch wichteg an enger Zäit, wou mer ëmmer méi staark mat Intoleranz konfrontéiert ginn. Dofir ass den Educatiounsministère op villen Niveauen engagéiert, dës Memoire net nëmmen ze erhalen, mee och weider auszebauen.

All Joer ronderëm de 27. Januar, dem Anniversaire vun der Befreiung vun Auschwitz, ginn Aktivitéite fir d'Schüler geplangt. Hei ass un alleréischter Plaz den Zentrum fir politesch Bildung betraff, dee jo spezifesch geschaf gouf, fir d'demokratescht Zesummeliewen ze fërderen.

De Sujet ass awer net op dëse Gedenkdag limitéiert: uechtert d'ganzt Joer ginn et fir Enseignanten an aner Persounen, déi an der formeller an der net-formeller Bildung täteg sinn, eng ganz Rei Méiglechkeeten, sech op d'Behandelen vun dësem Sujet virzebereeden.

Nieft der nationaler Offer u Formatiounen zu deem Thema, déi vum Institut de Formation de l'Éducation nationale (IFEN) organiséiert ginn, huet de Ministère de 4. Juni 2019 en Accord mat der Internationaler Schoul fir Holocaust-Studien vu Yad Vashem ënnerschriwwen. Yad Vashem leescht bei der Holocaust-Educatioun Pionéieraarbecht, an dofir si mir frou, datt déi éischt Formatioun fir eng reng Lëtzebuerger Delegatioun dëst Joer am September organiséiert gëtt.

Mäin Département steet och am reegelméissege Kontakt mat de Presidente vun de betraffene Programmkommissioune, fir eisen Enseignanten esou vill Ënnerstëtzung wéi nëmme méiglech ze ginn. An deem Kontext ass virgesinn, e Site ze lancéieren, wou Enseignantë kënnen Informatiounen, Methoden, Beispiller (sougenannte *best practices*), an aner Hëllefen an Inspiratioune fannen, fir Coursën zu dësem Sujet ze halen.

Am Secondaire gëtt de Sujet Holocaust an der Haaptsaach am Geschichtsunterrecht behandelt. Am Fondamental fanne sech an de Schoulbicher Texter, an deenen den Zweete Weltkrich behandelt gëtt; och d'Thematik vun de Virurteeler gëtt ugeschnidden an et gi geziilt Pisten opgedoen, fir dësen entgéintzewierken. Deemno bidden d'Texter dem Enseignant d'Méiglechkeet, an enger transversaler Approche eenzel Thematiken opzegräifen, fir d'Schüler zu responsabele Bierger ze erzéien, déi d'Wäerter vun eiser demokratescher Gesellschaft respektéieren a mat un Drëtter weiderginn, fir esou géint friemefeindlech an antisemitesch Attitudë virzegoen.

Et ass och wichteg, mat anere Länner zesummenzeschaffen. Mir kënnen op international Organisatiounen zielen, bei deenen och ganz speziell den Educatiounsministère vertrueden ass: dozou gehéieren d'International Holocaust Remembrance Alliance (IHRA), bei där Lëtzebuerg nach bis Mäerz 2020 de Virsëtz huet, den Aarbechtsgrupp géint Antisemitismus vun der Europäescher Kommissioun souwéi Initiative vum Europarot a vun der Agentur fir Grondrechter vun der Europäescher Unioun.

Dës Organisatiounen erlaben e wichtegen Austausch iwwert *best practices* tëschent de verschiddene Memberstaaten. Experten an deenen Institutioune schaffen och Dokumentatiounen aus, déi als Grondlag kënne benotzt ginn, fir de Sujet an de Schoulen ze behandelen: hei kënnen als Beispill d'*Recommendations for Teaching and Learning about the Holocaust* vun der IHRA an eng ganz Rei vu Publikatioune vun dem ODIHR genannt ginn.

Awer och um lokalen Niveau lafen eng ganz Rëtsch Initiativen, déi dacks op dem grousse perséinlechen Engagement vun eisen Enseignantë berouen.

Sou huet, fir just zwee Beispiller ze ginn, de Wëlzer Lycée zanter zwee Joer e Projet iwwer Ërennerungsaarbecht lafen, deen ënnert anerem d'Realisatioun vun engem neie "Sentier de Mémoire" virgesäit, a bei deem Schüler als "Passeurs de mémoire" ausgebilt ginn. De Lycée vun Iechternach huet d'lescht Joer en Documentaire mam Titel "Liewen!" produzéiert, dëst am Kader vum Verleeë vun de Stolpersteng zu Iechternach.

D’Zesummenaarbecht mat lokalen Organisatioune gëtt natierlech och ënnerstëtzt. An de Schoule ginn et Ausstellungen, déi vum Zentrum fir politesch Bildung, vum Resistenzmusée vun Esch/Uelzecht a vun der a.s.b.l. MémoShoah opgestallt oder organiséiert ginn, wéi déi ganz populär “Between Shades and Darkness”. D’Zesummenaarbecht mat den Témoins de la Deuxième Génération geet och virun, fir et Schüler ze erméiglechen, d’Vernichtungslager vun Auschwitz ze besichen.